N°4594
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°4594 vum 7. August 2026 vun der honorabeler Deputéierter Stéphanie Weydert iwwert « Plaques d'immatriculation non conformes et numéros en double »**

1. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, datt e Gefier mat enger entspriechender Immatrikulatiounsplack am ëffentleche Verkéier zougelooss ass?
    - Wa jo, handelt et sech bei dësem Nummereschëld ëm eng offiziell vun der SNCA ausgestallte Plack oder ëm eng speziell Serie, déi net ënnert déi allgemeng Reegele fält?

Et befannen sech effektiv nach Gefierer am Verkéier, deenen hir Plackennummer eng Buschtawekombinatioun enthält, déi haut duerch d'Annex 6 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 26. Januar 2016 ausgeschloss ass.

Dëst erkläert sech doduerch, datt verschidde vun dësen Nummeren nach aus der fréierer Serie stamen a virun der Aféierung vun den entspriechenden Aschränkungen am Joer 2003 valabel zougedeelt goufen. Well déi betraffe Persounen dës Nummeren deemools rechtméisseg kruten, kënnen hinnen dës net ouni Weideres entzu ginn.

Wann d'Nummer nach dem Format vun der fréierer Serie entsprécht, muss si bei der nächster Umeldung vum Gefier duerch eng Nummer ersat ginn, déi enger vun den aktuell virgesinnenen Serien entsprécht. Wann d'Nummer dogéint schonn dem aktuelle Format entsprécht, kann déi betraffe Persoun se halen, soulaang se se benotzt. Gëtt d'Gefier definitiv *hors circulation* gesat, bleift d'Nummer nach fir eng Dauer vun engem Joer fir den Titulaire reservéiert. Wann d'Nummer bannent däser Frist net nees benotzt gëtt, geet d'Reservatioun verluer. Wéinst dem mëttlerweil geltenden Verbuet kann dës Nummer duerno net méi zougedeelt ginn.

2. Ass et méiglech, datt déi selwecht Plackennummer méi wéi eemol zougedeelt gëtt?
    - Wa jo, ënner wéi enge Konditiounen ass dat méiglech?

Dës Fro ass ze nuancéieren. Eng Plackennummer kann zu engem bestëmmten Zäitpunkt nëmmen enger Persoun zougedeelt sinn, an et kann ëmmer nëmmen ee Gefier ënnert däser Plackennummer ugemellt sinn. Eng gläichzäiteg duebel Zoudeelung vun därselwechter Plackennummer ass deemno net méiglech.

Eng Persoun kann allerdéngs d'Recht op d'Notzung vun enger Plackennummer verléieren, wann dës net bannent engem Joer no der *mise hors circulation définitive* vum Gefier nees benotzt gëtt. Nom Oflaf vun däser Frist kann d'Plackennummer enger anerer Persoun zougedeelt ginn.

Vun deem Moment un ass d'Plackennummer net méi der éischter Persoun zougedeelt an dës däerf se deemno net méi benotzen an och kee Gefier méi ënnert där Plackennummer a Verkéier bréngen.

3. Ginn et Kontrollmechanismen, fir festzestellen, ob Immatrikulatiounsplacken am Verkéier de gültege gesetzlechen a reglementaresche Virschrëften entspriechen?

Déi reglementaresch Bestëmmunge leeën net nëmmen d'Form an d'Dimensioune vun de Placke fest, mee gesinn och e komplette System fir d'Traçabilitéit ze garantéieren vir.

D'Hiersteller vun de Placke mussen an dësem Kontext enk mat der Société nationale de circulation automobile (SNCA) zesummeschaffen. Si sinn ënner anerem verflicht, der SNCA Informatiounen iwwer d'Persounen ze vermëttelen, déi d'Hierstellung vun enger Plack ufroen.

D'Bestätegung, datt dës Informatioune bei der SNCA gespäichert goufen, generéiert fir den Hiersteller vun de Placken e Sécherheetscode. Dësen individuelle Code muss vum Hiersteller op all Plack agravéiert ginn. Eng Plack, déi dëse Code net enthält ass net konform. Dëse Mechanismus erméiglecht et, nozëvollzéien a sécherzestellen, datt d'Placken iwwer den offiziell virgeschriwwene Wee hiergestallt goufen.

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes